



► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Dir hat mä Bluttdrock a mä Bols e bëssen an d'Luucht bruecht, wéi Der mech do virzéie wollt.

(Exclamations)

Dofir war ech frou, datt den Här Wagner mer elo genuch Zäit ginn huet, datt ech mech erëm konnt berouegen.

(Brouhaha)

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Nach esou jonk an esou ...

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam virleiende Gesetz soll séchergestallt ginn, datt Lëtzebuerger a Britten am jeeeweils anere Land och weiderhi vum aktiven a passive Wahlrecht bei lokale Wahlen profitéiere kënnen. Datt dat net esou einfach ass, gesäit ee relativ séier an, wann ee probéiert, dat brittescht Wahlgesetz fir Lokalwahlen ze liesen, well et gëtt keng consolidéiert Fassung - do si mer dann awer zu Lëtzebuerg schonn e bësse méi wäit -, si hu 17 verschidden „statutes“ an 30 Reguléierungen, déi dat alles iergendwou zu engem Deel beaflossen!

Et hëlleft och net, datt et nach a véier „eenzel Länner“ u sech opgedeelt ass, déi jeeeweils eege Regeln hunn, ...

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Si hunn een Ambassadeur zu Lëtzebuerg.

(Hilarité)

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- ... an datt och nach d'Gemengen ...

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (*CSV*).- Awer e gudden.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- ... - an dat ass dat, wat ech haut geléiert hunn - de Choix hunn, ob se all véier Joer, all zwee Joer oder während dräi Joer all Joer viele ginn an dann ee Joer net viele ginn. Dat ass e System, dee mir e bësse komesch virkënn.

(Interruption)

Bon, ech mengen, et ginn e puer Lëtzebuerger, déi a Groussbritannien liewen. An de Britten zu Lëtzebuerg wäert eise System wahrscheinlech och komesch virkommen.

Falls awer ee vun deenen op där enger Säit oder op där anerer Säit vum Kanal wëllt bei Wahlen matmaachen, entweder als Wieler oder fir sech fir seng Gemeng ze engagieren als Kandidat, da soll en dat Recht hunn. Dofir begreisse mir ausdrécklech, datt et dësen Accord als Symbolpolitik gëtt, well no deem, wat ausgefouert gouf, ass och eis Analys, datt dat heiten am Moment éischter de Status quo ass an datt sech dat net forcement mat engem No-Deal oder mat engem dealbaséierte Brexit géif änneren.

Nichtsdestotrotz schützt dat heite souwuel Lëtzebuerger a Groussbritannien wéi Britten zu Lëtzebuerg e klenkt Stéck an duerfir sollte mer deem haut mat Jo zoustëmmen.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, erlaabt mer fir d'Éischt, der Madamm Mutsch Merci ze soen als Rapportrice vun dësem Projet. Et ass tatsächlech en Accord, dee mer ënnerschrivven hu mat der Regierung aus Groussbritannien, wou bei enger Visitt vum Stephen Barclay, deen och fir de Brexit zoustänneg ass, mer am Fong an där Visitt och deen Accord ënnerschrivven hunn.

Tatsächlech, et kann ee sech d'Fro stellen: Hätt dat misse sinn? Wat ännert dat elo fundamental? Et gëtt eng Garantie! Et gëtt eng Garantie. Tatsächlech, muss ech lech soen, d'Garantie vu wat, kann ech lech emol nach net soen. Well d'Garantie, wat op eis duerkënn an den nächste Wochen a wat ech d'nächst Woch zu Bréissel hunn, kann ech lech beim beschte Wëllen net soen.

Ech héiere Kontradiktionen! Ech héiere Kontradiktionen: dass et en neien Delai gëtt. Ech héiere Kontradiktionen: dass et awer keen neien Delai gëtt. Ech héieren, dass en Accord fonnt gëtt, dass Propositionen do sinn. Ech kann lech mam beschte Wëllen haut net soen, wéi et d'nächst Woch zu Bréissel weidergeet. Mam beschte Wëllen!

An dowéinst wore mer, wéi mer ... An Dir hutt et och scho gesot, mir hunn och esou eng Ge-

setzgebung, déi virgesäit, dass een net nëmme mam Maastrichter Vertrag sech op Europäer limitéiert, mä dass een och den Droit de vote opgemaach huet. Firwat dierf en Eisträicher wielen, an e Schwäizer, den Noper, dierf net wielen? Mir sinn der Meenung: E Bierger an enger Gemeng, deen do wunnt, huet och Rechter an och Pflichten, egal ob en EU-Bierger ass oder net.

An ech wëll lech just drun erënneren, un déi Panik, déi am Ufank gemaach ginn ass, wat dat géif mat sech bréngen, wéi mer dat dote gemaach hunn. An ech mengen, et wor e wichtige Schratt.

Ech si mer bewosst, dass och d'Influenz vum Lëtzebuerger Wieler a Groussbritannien net wäert vill änneren. Mä et ass awer eng Sécherheetsgarantie, dass, wann een do ... An ech ginn och dem Här Wiseler net onrecht, dass et méi wichteg ass fir de Bierger, ze wëssen, ob e ka bleiwen, ob e ka schaffen. Mä déi Äntwerten hunn ech och nach net!

Well bei engem No-Deal, muss ech lech soen, weess ech net, wéi et weidergeet. Dowéinst, alles, wat ee ka vu Garantie ginn, de Lëtzebuerger, déi a Groussbritannien liewen, alles vu Garantien, wat ee kann den Awunner aus Groussbritannien, déi hei zu ..., also net den Awunner, mä de Leit mam Pass aus Groussbritannien, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, déi hir nei Heemecht hei hunn an déi och en Deel vun eise Erfolg sinn, alles, wat een awer ka vu Garantie ginn, dass se awer och hei hir Rechter hunn an déi Rechter och kënnen ausüben, mengen ech, ass e positivt Zeechen.

Duerfir sinn ech och frou iwwert déi grouss Zoustëmmung, déi hei an dëser Chamber ass, well am Moment ass dee gréisste Feind vum Ganzen d'Onsécherheet. D'Bierger wëssen net, wéi et weidergeet. An ech wier frou, wa mer d'nächst Woch och e klore Message kéinten hunn an dass mer endlech ... Ech hunn et scho gesot! Ech hunn et hei a menger Ried gesot, Här President, ech hunn et op e puer Plaze scho gesot: « Je regrette le choix ! », mä mir mussen e respektéieren.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Statsminister. D'Diskussionne sinn ofgeschloss.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7461 et dispense du second vote constitutionnel

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7461. Den Text steet am Document parlementaire 7461².

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vote ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat ass folgend: 56 Jo-Stëmmen a 4 Abstentionen. De Projet de loi 7461 ass mat 56 Jo-Stëmme bei 4 Enthaltungen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes (par M. Paul Galles), Marc Lies (par M. Félix Eischen), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana (par M. Franz Fayot), Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten) et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie

Empain, MM. Marc Hansen (par M. François Benoy), Henri Kox, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

7. 7469 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 24 juillet 2014 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures

Mir kommen elo zum Projet de loi 7469, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Studentebäihëllefen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler.

Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

► **M. André Bauler** (*DP*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut befaasse mer eis dann nach eemol mat dem Gesetz iwwert d'Studieebäihëllefen. Mam Gesetz vum 24. Juli 2014 iwwert d'Aide financière de l'État fir Héichschoulstudie gouf eng Refonte vun der finanzieller Ennerstëtzung vun de Studenten ageleet.

Dës Hëllef huet sech weiderhin aus enger Bourse an engem Prêt zesummegeat. D'Bourse gouf a verschidde Kategorien deklinéiert: eng Basisbourse, déi jidderee kritt, deen den allgemengen Eligibilitéitskritären entsprécht, eng Mobilitéitsbourse, eng Bourse, déi op soziale Kritäre berout, an eng Bourse familiale. D'Bourse an de Prêt kënnen majoréiert ginn, jee nodeem, wéi héich d'Aschreiwungskäschten op der Uni oder Héichschoul ausfalen.

De System garantéiert déi finanziell Onofhängegkeet vum Student, e kuckt awer och seng sozioekonomesch Zougehéiregkeet op Basis vum Akommes vum Stot, zu deem de Student oder d'Studentin gehéiert.

D'Mobilitéitsbourse garantéiert déi international Mobilitéit vun de Studenten, andeems se déi reell Onkäschte fir d'Locatioun vun engem Logement am Ausland kuckt.

D'Bourse familiale hunn déi Studenten zegutt, wou zäitgläich nach een oder méi Kanner, déi zum nämlechte Stot gehéieren, och Urecht op d'Studieebäihëllef vum Stat hunn.

Et gëtt awer och kontrolléiert, ob de Student oder d'Studentin, deen oder déi net zu Lëtzebuerg domiciliéiert ass, am Heemechtsland eng finanziell Hëllef vum Stat zegutt huet oder net. Wann deem esou ass, da gëtt dës Hëllef am Kader vun den Antikumulbestëmmungen ofgezunn.

D'Gesetz vun 2014 hat awer och schonn déi onënnerbrache fënnefjärege Affiliationsbedéngung vun engem Elterendeel vun den Netresident-Studenten ersat duerch eng einfach Affiliatioun während engem total vu fënnef Joer innerhalb vun enger siwejäreger Referenzperiod. Dat soll vermeiden, dass d'Kanner vu sougenannten „Grenzgänger“, vu Leit also, déi net zu Lëtzebuerg residéieren an awer hei schaffen, benodelegt gi wéinst kuerzen Ennerbriechungen an der Aarbechtszäit vun hiren Elteren zu Lëtzebuerg. Domat hat d'Gesetz vun 2014 en Arrêt vum Gerichtshaff vun der Europäescher Unioun vum 14. Dezember 2016 anticipéiert, dee prezisiéiert huet, dass eng ze streng Ausleeung vun der Fënnefjoresklausel net mat dem europäesche Recht kompatibel wier.

Mat dem Gesetzesprojet, deen eis elo haut hei virläit, gëtt engem Arrêt vum 10. Juli 2019 vum Gerichtshaff vun der Europäescher Unioun Rechnung gedroen. An dësem Arrêt huet d'Cour iwwert d'Fro tranchéiert, ob d'Klausel, dass ee Student, deen net Resident zu Lëtzebuerg ass, eng finanziell Hëllef fir Héichschoulstudien nëmmen da ka kréien, wann op d'mannst ee vun den Eltere mindestens fënnef Joer op eng Referenzzäit vu siwe Joer hei am Land geschafft huet, ob also dës Klausel oder Bedéngung mam Recht vun der Europäescher Unioun kompatibel ass oder wier.

D'Cour de justice huet de Prinzip vun enger objektiv begrënnter Ennerscheedung opgrond vum Residenzuernt vum Student net per se a Fro gestallt. Allerdéngs ass se zur Schlussfolgerung komm, zur Konklusioun komm, dass d'Bedén-

gung vun de fënnef op siwe Joer ze restriktiv wier, well se et net erlaabt, fir op eng méi breet Manéier feststellen, ob et eng eventuell Bindung mam Lëtzebuerger Aarbechtsmaart gëtt, déi een als staark genuch ka bezechnen.

Dowéinst wëllt dësen Text d'Referenzperiod vu siwen op zéng Joer eropsetzen. Gläichzäiteg gi mat dësem Gesetzesprojet eng Serie vun neien Eligibilitéitskritären agefouert, déi et erlaben, fir op eng méi breet Fassong d'Existenz vun enger eventueller Bindung mat Lëtzebuerg auszeleeën.

Wat d'Beneficiairen ugeet, déi a Fro kënnen komme fir d'Aide financière pour études supérieures, do verweisen ech op den Artikel 3 vum Gesetzesprojet. D'Kritären, wat d'Residenten zu Lëtzebuerg ubelaangt, bleiwen onverännert. Par contre, en revanche ginn d'Eligibilitéitskritäre vun den Netresidenten ausgeweit.

Wat sinn dann elo d'Ännerungen?

Éischtens gëtt fir d'Studenten, déi keng Residenten zu Lëtzebuerg sinn, d'Referenzperiod, während där zum Zäitpunkt vun der Demande een Elterendeel fënnef Joer hei zu Lëtzebuerg muss geschafft hunn, vu siwen op zéng Joer gehewen.

Zweetens gëtt e Kritär agefouert, deen en definitive Lien de rattachement vum Aarbechter, deen net zu Lëtzebuerg residéiert, mat eise Land opstellt. Wann ech „Aarbechter“ soen, da mengen ech Travailleur au sens économique du terme.

Drëttens ginn nach Kritären agefouert, déi et dem Student selwer erlaben, e Lien mat Lëtzebuerg ze etabléieren.

E puer Commentairen dozou: Zum Eropsetze vun der Referenzperiod vu siwen op zéng Joer sief gesot, dass déi minimal Affiliationszäit vu fënnef Joer, fir eng genügend Bindung mat Lëtzebuerg opzestellen, vun der Cour bestätegt gouf. D'Cour huet ebe just bemierkt a kritiséiert, dass déi siwejäreg Referenzperiod u sech eleng ze restriktiv wier, fir feststellen, ob et eng genügend Bindung mat Lëtzebuerg géif ginn, zemol wann ee bedenkt, dass zum Beispiel e Grenzgänger duerchaus virum Ulafe vun der Referenzperiod eng Zäit zu Lëtzebuerg ka geschafft hunn.

Esou eng Ausleeung vun der Referenzperiod ass ze streng ausgeluecht, fir dass dat legitimmt Zil, fir d'Zuel vun den Diploméierten am Enseignement supérieur, déi op de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart kommen, eropzesetzen, fir dass dat Zil kann erreecht ginn, an ass domadder net kompatibel mat dem EU-Recht.

Mäin zweete Commentaire betrëfft de Kritär, deen den definitive Lien de rattachement mat Lëtzebuerg betrëfft. All déi Grenzgänger, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, déi zéng Joer oder méi hei geschafft hunn, hunn duerchaus en definitiven „lien de rattachement“, wéi dat esou schéin heescht, also eng definitiv Bindung mam Grand-Duché. No enger zéngjäreger Aarbechtszäit an domadder oder Affiliationszäit an eise soziale Sécherheetssystemer ass et méi wéi wahrscheinlech, dass dës Persoun eng gewësse Bindung mat der Lëtzebuerger Gesellschaft entwéckelt huet, soudass et eng grouss Wahrscheinlechkeet gëtt, dass de Student oder d'Studentin, deen oder déi mat dëser Persoun e familiäre Lien huet, op den einheimeschen Aarbechtsmaart zrëckkënn oder komme kann, wann hien oder si eemol d'Studie beendegt huet.

Dës zéngjäreg Period orientéiert sech un der minimaler Cotisationszäit, déi et erméiglecht, fir spéider eemol an de Genoss vun enger Pension ze kommen. Mat dem Kritär vun der zéngjäreger Affiliationszäit beziéungsweis der minimaler Aarbechtszäit vu fënnef Joer während enger Referenzperiod vun dann elo zéng Joer verfüge mer mat dësem Gesetzesprojet iwwer zwee Kritären, un deene mer d'Eligibilitéit vun de Persounen, déi a Fro kënnen komme fir d'Aide financière pour études supérieures, festmaache kënnen. A sengem Arrêt C-410/18 hat den Europäesche Gerichtshaff jo deemools kritiséiert, dass een eenzege Kritär net géif duergoen.

Da mäin drëtten Commentaire: Et kënn effektiv nach eng Ännerung derbäi, déi am Kader vun de Studieebäihëllefen e regelrechte Paradigmewiessel alaut, wann een dat esou soe kann. Hei geet et ëm d'Kritären, déi et Studenten erméiglechen, déi d'Kand vun engem Travailleur non résident sinn, selwer eng Bindung mat Lëtzebuerg opzestellen.

Dëst soll säi Retour op eisen Aarbechtsmaart no den Héichschoulstudie begënschtegen. Bis ewell goug dat jo net, well e Student ëmmer eenzeg an eleng un den Travailleur non résident, ob Mamm oder Papp oder Stéifelteren, gebonne war an also deem seng Affiliationszäit gekuckt gouf.

Och wann dës Postulat absolutt net a Fro gestallt gëtt, kommen awer mat dëser Geset-



zesännerung zwee nei Kritäre vun Eligibilitéit bäi. Si gëlle wuelgemierkt fir d'Studenten, déi net Resident sinn, déi awer d'Kanner vun Travailluers résidents (veuillez lire : non résidents) sinn, déi hirersäits de Moment vun der Demande hei zu Lëtzebuerg schaffen.

Dorënner fält natierlech och d'Kand - dat wësse mer - vun engem Lëtzebuurger Travailleur ressortissant oder engem Ressortissant aus der EU oder engem anere Stat aus dem Europäesche Wirtschaftsraum beziéungsweis der helveter Konföderatioun, also der Schwäiz.

Wat sinn do d'Bedéngungen? Deen éischte Kritär ass dee vun der minimaler Dauer vu Studien an eise Schoulsystem. Et muss een e Minimum vu fënnf Joer am Fundamental, am Secondaire oder an der initialer Berufsausbildung ageschriwwen gewiescht sinn, entweder an enger éffentlecher oder an enger privater Schoul, déi um Territoire vum Grand-Duché etabléiert ass. Dat gëllt och am Héichschoulberäich fir d'Programmer vun der Uni Lëtzebuerg, fir déi national BTS-Programmer a Programmer vun Instituten, déi zu Lëtzebuerg akkreditéiert sinn am Beräich vun den Héichschoulstudien.

Deen zweete Kritär ass dee vun engem minimale Sejour vum Student zu Lëtzebuerg vun op d'mannst fënnf Joer am Ganzen, wuelgemierkt ëmmer zu deem Moment, wou de Student oder d'Studentin d'Demande mécht an ënnert der Bedéngung, à condition, dass een Elterendeel zum Zäitpunkt vun der Demande zu Lëtzebuerg affiliéiert ass.

Fir dës Kritäre sief awer bemierkt, dass keng minimal Affiliationsdauer fir den net residéierenden Aarbechter verlaangt gëtt, well jo hei d'Persoun vum Student, der Studentin am Mëttelpunkt vum Interesse steet, an dës selwer derfir huet misse suergen, dass et eng manifest Bindung mat eiser Gesellschaft gëtt. Dës Dauer ass natierlech analog zu der Durée d'affiliation vu fënnf op zéng Joer, déi jo fir den Travailleur non résident gëllt.

Zur Fiche financière: D'Regierung geet dovunner aus, dass dës dräi Ännerungen, déi d'Eligibilitéit vun de Studenten, déi net zu Lëtzebuerg residéieren an déi awer an de Genoss vun enger Aide financière kënnen kommen, dozou féieren, dass et déi 400 Studenten zousätzlech pro Joer ze verzechnen sinn. Wann ee weess, an d'Erfahrung vun de leschte Jore weist dat, dass ee Student, dee kee Resident zu Lëtzebuerg ass, ëm déi 2.500 Euro pro Joer duerchschnëttlech vum Stat kritt, dann ass mat engem zousätzleche Budget vun enger Millioun Euro ze rechnen.

Fir all Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Bericht, och a grad op déi statistesch Detailer, déi d'Regierung eis hei geliiwert huet.

Dës gesot, wëll ech lech Merci soe fir d'No-lauschteren a ginn dann och heimat den Accord vu menger Fraktioun, der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Bauler. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen age droen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President. An och ee grouse Merci un den Här Bauler fir säi ganz ausféierleche Rapport. An, ech mengen, do kann ech mech definitiv ganz kuerz faassen.

Et ginn noutwendeg Adaptatiounen gemaach, eben erëm eng Kéier opgrond vun engem Arrêt. Dat ass näischt Neies. Do hu mer alleguer Erfahrung dran. An, ech mengen, déi Adaptatiounen mussen ganz einfach gemaach ginn.

Mir haten een anere Modell proposéiert. Ech ginn awer elo net méi op deen an. Ech wëll awer gären op dräi Punkten agoen, déi menger Meinung no awer eng Kéier sollten undiskutéiert ginn.

An dat eent ass, den Här Rapporteur huet iwwert déi finanziell Onofhängegkeet geschwat, iwwert d'Autonomie u sech vum Student. A mir haten dat deemools, wéi d'Gesetz gestëmmt ginn ass, och dunn nach eng Kéier opgeworf, dass et u sech net normal ass, dass ee Student, wann e just d'Basisbourse kritt, dass en da manner kritt wéi d'Kannergeld. E kann och nach d'Basisbourse an d'Bourse familiale kréien, da kritt e wahrscheinlech och nach manner wéi d'Kannergeld. Dat ass u sech net normal. An ech denken, dass een dee Punkt nach eng Kéier soll iwwerleeën.

Een anere Punkt ass, dass ee soll d'Exzellenz fërdere. Och dat hate mer gefrot. Et gi Studenten, déi definitiv exzellent sinn. An ech denken, dass een dat och kéint belounen. Also och an déi Richtung wäre mer frou, wann eng Kéier kéint iwwerluecht ginn.

Datselwecht gëllt bei den Aschreiwungsgebühren vu wierklech deene ganz renoméierten Unien. Déi sinn esou héich, dass definitiv ganz vill Leit sech dat net kënnen leeschten, och wa se esou gutt wären a se kéinten dohinnegeen. An dat ass awer keng ganz gutt Gläichbehandlung vun de Leit an och an deem Sënn géife mer rappeléieren, fir eventuell nach eng Kéier iwwert dës Gesetz ze kucken.

Fir de Rescht, ech hunn et gesot, dës Adaptatiounen mussen gemaach ginn an duerfir ginn ech dann och mäin Accord ..., oder den Accord vun der CSV-Fraktioun.

(Hilarité)

► **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Madamm Hansen. Nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Tess Burton.

► **Mme Tess Burton (LSAP).** - Merci, Här President. Ech wëll gären eise Rapporteur hei Merci soen, deen dat Gesetz hei am groussen Detail nach eng Kéier ervirbruecht huet.

Ech wëll awer och ënnersträichen, dass et wichteg ass, dass mer eis Studente bei hire Studien ënnerstëtzen, virun allem déi, déi aus schwache Famillieverhältnisse kommen.

An ech wëll och nach eng Kéier betounen, dass et wichteg ass, dass déi Leit, déi hei bei eis schaffen, déi Deel vun eiser Gesellschaft sinn, dass deenen hir Kanner déiselwecht sozial Rechter hu wéi Kanner, déi hei wunnen, déi mat hiren Elteren hei wunnen.

Dofir begrësse mir dës Ännerungen an ech ginn domat och natierlech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Madamm Burton. Da wier et u menger neier Vizepresidentin, der Madamm Djuna Bernard.

► **Mme Djuna Bernard (*déi gréng*).** - Villmools Merci, Här President. No deem exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport vum Här André Bauler bleift mer op dëser Plaz kaum méi eppes ze soen, ausser dass déi pertinent Ännerungen un dësem Gesetz op eng ganz effizient Aart a Weis geholl goufen. Ech begrëssen dofir och d'Schnellegkeet vum Ministère. An, ech mengen, ech ka mech do nëmmen de Wieder vu menger Kolleegin Tess Burton uschlëssen, wat d'Wichtigkeet vun dësen Adaptatiounen ugeet.

Ech sinn domadder ganz, ganz frou, fir heimadder den Accord och vun der grénger Fraktioun ze ginn.

► **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Madamm Bernard. An da wier et um Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och e grouse Merci un den Här Bauler. Et ass ëmmer eng Freed, him nozelauschteren. Et ass ëmmer ganz didaktesch a pädagogesch. An ech mengen, et bleiwen net vill Zweifel, wann een him nogelauschert huet - op jidde Fall emol wat d'Verstoen ugeet.

(Interruption par M. André Bauler)

Jo.

Et sinn eng Rei ganz interessant Saachen och an deem schrëftleche Rapport, fir deen ech lech besonnesch gratuléieren, well ech mengen, dass d'Héichschoulsubsiden u sech am falsche Ministère sinn!

Mir sinn derfir, dass d'Héichschoulsubsiden an Zukunft am Umweltministère ugesidelt ginn, aus engem einfache Grond, well ech hei am Här Bauler sengem Rapport liesen, et hätt 300 Refuse gi fir Hëllef en raison de dossiers non complets. An da froe mer eis natierlech, no den Diskussiounen de Moien, ob et net am Interesse vun de Studente wär, wann d'Madamm Dieschbourg géif déi Dossiere kucken, ...

(Hilarité)

... well dann hätt jiddereen emol eng Studentenhëllef. Dat wär schonn emol e Progrès!

Awer am Fong mussen mer soen, dass mer eis awer Froe stellen, an zwar iwwert d'Kompetenzen vum Europäesche Gerichtshaff par rapport zum nationale Recht. Dir wësst, mir sinn als ADR jo ganz fir Europa, just fir en Europa vun den Natiounen, wou mer eng aner Gewiichtung wëllen tëschen den europäeschen Instanzen an den Nationalstaten.

An hei froe mer eis: Kann den Europäesche Gerichtshaff ëmmer an ëmmer erëm einfach duerch d'Invocatioun vun der libre Circulation integrationistescht jugéieren?

Et ass e gutt Beispill. Well mir haten hei eng national Legislatioun, wou mer gesot hunn: Fir eis gëtt de Lien mat Lëtzebuerg etabléiert op eng Durée vu siwe Joer. Et gëtt keng Dispositioun

an europäeschen Traitéen, déi explizitt eppes aneres géife virgesinn. Et ass eng Fro vun Appreciatioun. Firwat soll den Europäesche Gerichtshaff soen, zéng Joer? Dat ass aus der Loft gegräff. An do soe mir, den Nationalstat kann dach besser soen, wéi de Lien mat him selwer soll etabléiert sinn, wéi en Europäesche Gerichtshaff.

Dofir stëmme mer dat hei net mat. Mir enthalten eis. Mir hunn näischt géint de Prinzip u sech selbstverständlech, mä mir denken, dass dat heiten eng exzessiv Kompetenzinterpretatioun vum Europäesche Gerichtshaff ass. Mir hätte solle bei deene siwe Joer bleiwen.

Et ass fir eis och eng wichteg Fro, an do wëllt ech d'Kollege vun der CSV ënnerstëtzen, dass d'Héicht vun den Hëlfelefen iwwerduecht gëtt, souwuel wat de Vergläich mam Kannergeld ugeet wéi och d'Fërdere vun der Exzellenz. An ech mengen, dass mer an deem Sënn Initiativen zur Verbesserung vun deene Prestatiounen géifen ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Kartheiser. Da wier et um honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*).** - Merci, Här President. Mir wäerten dës Gesetzesprojet och natierlech mat ënnerstëtzen. Dat Ganz huet jo och nach wierklech eng Virgeschicht. Well deemools hat jo och de Minister François Biltgen ..., wann ech mech richteg erënneren, ass et do lassgaangen, dass mer op eemol d'Bourssen an d'Aiden nach just u Residenten reservéiert hunn. Do sinn natierlech Leit, déi hu geklot.

Ech ka mech gutt drun erënneren, well ee vu menge Virgänger, den Här Serge Urbany, deen hei souz, deen huet sech vill dofir engagéiert, an duerno, wou en net méi hei souz, awer fir den OGB-L geschafft huet am Département juridique, deen Dossier hat. A si hunn och gewonnen.

Well evidenterweise, wéi ze erwaarde war - dat war e bëssen onverständlech, wat deemools do déi Regierung sech geduecht huet. Et war wahrscheinlech och e bëssen eng Form vun Demagogie, fir ze soen: Hei, déi Frontalieren, déi wäerten och nach net eis Studienhëllef kréien!

Et dierf een ni vergiessen - an ech mengen, et muss een et ëmmer repetéieren -: Et ass keng Faveur, déi mer de Frontaliere maachen. Et ass kee Kaddo, dee mer magnanimement einfach esou de Frontaliere ginn.

Déi Leit hu cotiséiert. E Frontalier ass jo e Mënsch, deen hei schafft, dat heescht, deen net einfach hei zum Spaass kënn, mä deen e Service leescht. An e Service ass net gratis, dee muss bezuelt ginn, quitta dass ee kéint soen, dass eis Paien eendeiteg ze niddreg sinn an dass eise Mindestloun guer net géif fonctionnéieren, wann et net déi Frontaliere géif ginn. Dann hätte mer e reelle grouse Problem. D'Patronat dierf dat net vergiessen, wa se ëmmer kräische kommen!

Mä et ass e Recht, wat d'Studenten hunn, déi Kanner vu Frontaliere sinn, well se dozou och bezuelt hunn, fir kënnen dorobber Réckgrëff ze huelen.

Mir mengen, dass elo déi Modifikatioun, fënnf Joer op eng Referenzzäit vun zéng Joer, gutt ass. Am Ufank konnt ee sech och Froe stellen, mä déi Bedenken, déi sinn natierlech aus dem Wee gemaach ginn, dass gesot ginn ass, et misst een ..., de Student misst d'Demande maachen, wann d'Elteren nach an der Aktivitéit sinn. Mä ënner Aktivitéit kann een och d'Pensioun verstoen, souwäit ech dat erkläert krut an der Kommissioun.

Well de Statsrot hat sech déi Fro jo och gestallt: Wat geschitt, wann Elterendeeler ..., wann d'Elteren elo a Pensioun sinn, dat heescht, net méi aktiv schaffen, an de Student, dee fret d'Bourse un?

Ma neen, e kritt se trotzdem. Ech mengen, et ass wichteg dat ze soen. Oder d'Eltere sinn an der Tëschenzäit och erëm fortgaangen a sinn u sech keng Frontaliere méi dee Moment.

Ech mengen, dass ass erëm kloergemaach ginn. Dofir wäerte mer och dee Gesetzesprojet matdroen.

Et ass e bëssen esou, ech kucken erëm eng Kéier ..., d'Patronat ... Ech mengen, d'Chambre des Métiers, déi seet, et muss een oppassen, keng Derapagen an den Dépenses publiques an esou weider an esou virun. D'Patronat ass ëmmer dat Éischt, also si sinn ëmmer déi Éischt, déi kräische kommen: „Oh, mir hunn net genuch Leit, déi ausgebilt sinn, an esou weider.“

Jo, mä Frontaliere gehéieren och zu deenen ausgebildete Leit, déi heihinner schaffen kommen. An déi meescht, déi allermeescht wäerten och

heihier schaffen kommen. Mir profitéieren duebel dovunner en plus.

Dofir géif ech och vläicht verschiddene Patronatschamberen un d'Häerz leeën, e bëssen opzehalen, ëmmer Angscht ze hunn, dass anerer hinnen eppes géifen ewechhuelen, wat se heiansdo souguer emol net selwer oder net ganz erschaaft hunn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (*Piraten*).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, vun der staatlecher Studiebahëllef profitéieren erwuesse Persounen, déi nom Ofschloss vum Secondaire eng weiderféierend Ausbildung ustriewen an dat och maachen. Persounen, déi also meeschtens volljäreg sinn, déi also och net méi als Kanner gëllen an dem Gesetz no konsequenterweis och kee Kannergeld méi kréien.

Dass dës erwuesse Persounen drop ugewise sinn, bei enger Ufro op finanziell Ënnerstëtzung, Informatiounen iwwer hir Elteren unzeginn, ass a mengen Aen net kompatibel mat der Onofhängegkeet, déi mer vun engem Student als erwuesse Persoun sollen erwaarden.

Datt dës Projet de loi eng nei Dispositioun virgesäit, déi et auslännesche Persounen, déi fënnf Joer am Land an d'Schoul gaange sinn, erméiglecht, méi einfach kënnen vun de Studiebahëlfelefen ze profitéieren, dat begrësse mer, well dat ass déi eenzeg Mesure am ganze Projet, wou de Student als Adulte an de Mëttelpunkt gesat gëtt an eben net op seng Liens de rattachement mat den Eltere reduzéiert gëtt.

Dee ganze Rescht vum Studiebahëllefesystem entsprécht ëmmer nach der Iddi vun engem Transfert social, deen d'Situatioun vum Student ëmmer nach an d'Ofhängegkeet vu sengen Elteren, jo, vun der Situatioun vu senger ganzer Famill stellt.

Et kann een e schlechte System mat ville Plooschteren lues a lues verbessern, an dat ass d'Gefill, wat mer hei hunn. De Studiebahëllefesystem ass all Kéiers no engem Arrêt erëm e bësse gepléischtert ginn, an der Hoffnung, dass dann elo déi neiste Versioun, déi mer hei stëmmen, endlech net méi attaquabel wär.

Bref, besser wier et gewiescht, de System fundamental a Fro ze stellen an endlech ganz ze verännere an de Student als dat ze gesinn, wat en ass, nämlech eng erwuesse Persoun.

D'Piraten sinn dofir, den aktuellen a schonns vill verpléischterte System endlech opzeginn an duerch eng nei Form vu finanzieller Ënnerstëtzung fir Studenten a Schüler aus dem Post-secondaire ze ersetzen, déi de Student, an net seng Elteren, an de Mëttelpunkt stellt, wou mer also net méi vun Transfert social schwätzen.

Duerfir wäerte mir eis bei all weiderer Plooschter, wéi och bei dëser, enthalten.

Ech soen lech villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Héichschoulminister Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*** - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Merci och un den André Bauler an och un all Intervenanten, och fir déi breet Zoustëmmung, wann och net absolutt Zoustëmmung hei am Haus fir déi Modifikatioun vun eisen Dispositiounen, fir d'Aide financière fir Études supérieures kënnen ze accordéieren.

Et ass gesot ginn, opgrond vun engem Arrêt vum Europäesche Gerichtshaff wär mer dozou ugehalen, eng Ännerung virzehuelen. Mir waren op där enger Säit der Meinung, dass mer nach ëmmer Eligibilitëitskritäre brauchen, fir dann och bei Kanner vun Travailluers non résidents kënnen ze jugéieren, ob se an de Genoss vun Aides financières kommen oder net.

Mir waren awer och der Meinung, dass mer se dätlech méi breet sollen opmaachen. Do, wou mer ee Kritär bis elo haten, hu mer elo dräi verschidde Kritären, soudatt eenzel Härtefall an Zukunft sécherlech och doduerjer kënnen evitéiert ginn.

Insgesamt, dee Modell, dee mer zanter fënnf Joer a Kraaft hunn, deen deemools vill diskutéiert gouf, huet seng Preuv bestanen. En ass akzeptéiert an en huet ganz ville Jonken, ob Re-



sident oder Netresident, erlaabt, kënne studéieren ze goen, och mëttlerweil hire Studium ofzeschléissen.

An ech hu regelméissege Kontakt och mat Studentenassociatiounen, déi eigentlech och soen, datt de System Sënn mécht, well e ganz flexibel ass an och op eenzel Situatiounen vum jeeweilege Student kann agoen: op déi sozial Situatioun, op d'Plaz, wou e studéiert, ob en am selwechte Land oder an engem anere Land studéiert, ob en éischter eng Bourse wëllt huelen oder nach e Prêt derbäi wëllt huelen, also och, ob en doheem ënnerstëtzt gëtt oder ob en doheem net esou staark ënnerstëtzt gëtt. A mir hu jo och, souwuel mat de Studentevereenegungen, virun allem der ACEL, wéi awer och dem OGB-L en Accord getraff virun enger Rei vu Joren, datt mer d'Studentebourssen indexéieren, an nach bei dësem Semester, beim lafende Wintersemester, ass dat dann och déi éischte Kéier de Fall.

Heimadder gëtt eise System also nach eng Kéier liicht adaptéiert. Den André Bauler huet et gesot: Et wäerten eng 400 Studentinnen a Studenten zousätzlech an de Genoss kënne kommen, schätzungsweis, vun dësen Dispositiounen.

De Regierungsprogramm seet awer och, datt mer eng Analys solle maachen iwwert d'Situatioun vun de Studenten, iwwer hir Käschten, déi se op de jeeweilegen Universitëten, Héichschoulen, och Unistied uechter Europa hunn, an dann nach eng Kéier gegebenefalls, falls de Besoin sollt detektiéiert ginn, déi Texter adaptéieren.

Mir wäerten déi Consultatioun an der Mëtt vun dëser Legislaturperiod och féieren a virun allem do, an dat ass gesot ginn, de Student an de Mëttelpunkt stellen a mat de Studentinnen a Studente kucken, wat ze adaptéieren ass, wat haut nach an eenzelne Fäll hinne net ka garantéieren, fir dee Studium kënne ze maachen an erfollegräich ofzeschléissen, dee se wëlle maachen.

Nach eng Kéier e grouse Merci fir dës Zoustëmmung. A mir wäerten also och an nächster Zäit nach eng Kéier iwwert d'Studiebahillefen hei kënne diskutéieren.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Meisch.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7469 et dispense du second vote constitutionnel

D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7469. Den Text steet am Document parlementaire 7469⁵.

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7469 ass mat 51 Jo-Stëmmen a 6 Abstentiounen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7469 est adopté par 54 voix pour et 6 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Aly Kaes (par M. Paul Galles), Marc Lies (par M. Léon Gloden), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Félix Eischen), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Alex Bodry) et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen (par M. François Benoy), Henri Kox, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

8. 7441 - Projet de loi relatif aux avocats inscrits aux listes I et II qui sont ressortissants du Royaume-Uni de Grande-Bretagne et d'Irlande du Nord ou à la liste IV du tableau visé à l'article 8, paragraphe 3, point 4 de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat qui sont soit ressortissants du Royaume-Uni de Grande-Bretagne et d'Irlande du Nord, soit exercent la profession d'avocat sous un titre professionnel du Royaume-Uni de Grande-Bretagne et d'Irlande du Nord

Als nächste Punkt hu mer de Projet de loi 7441 iwwert d'Affekoten aus dem Vereenegte Kinnekräich vu Groussbritannien an Nordirland. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

► **M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif Kollegeginnen a Kollegen, virdrun ass vu Symbolpolitik rieds gaange fir de Projet de loi 7461. Et geet ëm d'Fro vum Brexit alt nees eng Kéier - symbolesch huet dat mech och getraff, vu dass meng Duechter selwer an England zënter zwee, dräi Joer leeft ...

(Interruption)

Et ass also eng ganz reell Fro!

(Hilarité)

... an och schonn do konnt matstëmmen. Ganz verwonnerlech krut et eng Kéier e Bréif, fir u senge lokale Wahlen deelzehuelen. Et hat keng Demarche misse maachen. Voilà!

Hei geet et ëm den Affekoteberuff, fir dee mer och elo hei mat deem Projet 7441 all Onsécherheet wëlle klären. Et geet drëm, wéi de Mëtteg schonn am Fall vun engem haarde Brexit, engem No-Deal-Brexit. Mir hate geduecht, mir bräichten dat net ze maachen, hunn elo, wéi d'Situatioun sech dann entwéckelt, awer decidéiert, et ze maachen, fir all Onsécherheeten do opzehiewen.

Et geet ëm e Gesetz vun dem Affekoteberuff vun 1991 iwwert déi, déi op der Lëscht Nummer IV ageschriwwen sinn. Dat sinn déi Affekoten, déi hei am Land hire Beruff ausüben an entweder Ressortissant vun engem Pays tiers sinn. A wann d'Vereenegt Kinnekräich dann austrëtt mat engem haarde Brexit, da wäert dat de Fall sinn, da si si och Pays tiers. Oder et sinn déi, déi ënner hirem „home title“ schaffen, also an all Fall en Titre professionnel hunn, dee vum Vereenegte Kinnekräich delivriert gouf.

De Gesetzesprojekt 7441, deen den 21. Mee dëst Joer deposéiert gouf - an ech soen de Kollegen aus der Kommissioun Merci - an dee mer gëschter an der Justizkommissioun d'urgence ugeholl hunn, gesäit vir, dass d'Affekoten, déi op der Lëscht IV agedroe sinn, am Fall vum haarde Brexit op där Lëscht ageschriwwen bleiwen, dëst fir eng Dauer vun zwielef Méint, während deene se dann d'Formalitéiten kënne erfüllen, fir op d'Lëscht I ze kommen.

Dës Klausel spillt awer just, wéi esou oft am Fall vun deene Brexit-Froen, fir dass d'Vereenegt Kinnekräich de Lëtzebuurger Affekoten, déi op der Insel schaffen, déiselwecht Garantie gëtt, fir no engem Brexit ouni Austrëttsaccord weider kënne do ze exercéieren.

Eisen Informatiounen no wieren dës Garantien elo scho ginn, soudass mer eis um Punkt vun der Reciprocitéit keng Schwierigkeeten erwaarden.

An dann, just fir de Fall der Fäll, schreiwe mer am Gesetz déiselwecht Iwwergangszäit vun zwielef Méint fest fir d'Affekote vun de Lëscht I an II. Do dierft et eigentlech keng Problemer ginn, well déi de ganze Parcours duerchlaf hunn, deen d'Gesetz virgesäit, an all d'Konditiounen erfüllen.

Mä fir de Fall, wou e Cas de figure géif optauchen, dee vu kengem anticipéiert gouf, ass domadder garantéiert, dass och dës Affekote genuch Zäit hunn, fir hir Situatioun ze reguläriséieren an déiselwecht juristesche Sécherheet genéisste wéi d'Kollege vun der Lëscht IV. Voilà!

Ech hoffen, dass dee Fall, wéi gesot, net antrëtt, mä et gesäit leider Gottes zimlech dono aus.

Ech ginn dann och den Accord vun der gréngeger Fraktioun heimadder.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Margue. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden agedroen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur Merci fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. De Rapporteur huet et och ënnerstrach, d'Condition de réciprocité. Mir hätte jo alleguer léiwer, mir bräichten esou Gesetzter net ze stëmmen. Mä, d'Liewen ass wéi et ass an d'CSV gëtt hir Zoustëmmung.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gloden. An da wier et un där honorabeler Madamm Carole Hartmann.

► **Mme Carole Hartmann (DP).**- Merci, Här President. Mir si wéi an engem viregte Projet a wéi a ganz ville Projeten hei am Kontext vun engem eventuellen hard Brexit, dee bedauerenswäert ass, mä dee sech awer ukënnegt, no-deems, wéi et och scho gesot ginn ass, eng ganz Rei Iwwergangsbestëmmunge souwuel fir d'Leit wéi och a Relatioun mat eise Wirtschaftsverbindinge mat England scho geholl goufen, reit deen heite Projet sech um Niveau vun der Justiz an.

Ech hat selwer am Mäerz dëst Joer d'Fro gestallt, wéi et da mat eise Confrères aus Groussbritannien wär, déi hei op eise Lëschte vun de Barreaux ageschriwwen sinn. Ech si ganz frou, dass mer och an dëser Matière eis elo virbereet hunn, fir dem Worst-Case-Zeenario virzebeugen, an d'DP stëmmt selbsterständlech bei dësem Projet och mat.

Merci dem Rapporteur fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hartmann. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Merci, Här President. E Merci vun eiser Säit un de Rapporteur Charles Margue fir säi komplette Rapport. Ech mengen, et ass alles hei gesot an d'LSAP gëtt hiren Accord zu dësem Projet.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Fayot. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Merci, Här President. Ob et sech ëm e Worst Case oder e Best Case handelt, dat hänkt vum Point de vue of. Mä jiddefalls gi mir als ADR eis Zoustëmmung zu dësem Text.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Reding. D'Regierung huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- Jo. Villmools Merci, Här Rapporteur, an och allen aneren Intervenante fir den Accord fir dësse Projet. Ech wier natierlech och frou, wa mer deen net misste stëmmen. Mä et gëtt awer de britteschen Affekoten, virun allem deenen op der Lëscht IV, eng Rechtssécherheet während zwielef Méint, sech entweder op d'Lëscht I anzedroen, d'Lëtzebuurger Nationalitéit ze kréien. Wéi ech vum Barreau gehéiert hunn, géifen eng ganz Rëtsch Confrères déi Méiglechkeete envisagéieren. Duerfir Merci fir déi Zoustëmmung.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Tanson.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7441 et dispense du second vote constitutionnel

D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7441. Den Text steet am Document parlementaire 7441⁴.

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7441 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Viviane Reding), MM. Aly Kaes (par M. Paul Galles), Marc Lies (par M. Félix Eischen), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand

Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten) et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen (par M. François Benoy), Henri Kox, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

9. Question urgente n° 1311 de M. Laurent Mosar et de M. Claude Wiseler relative à l'offensive de la Turquie contre les Kurdes en Syrie

Da kéime mer un eng Question urgente vun den Häre Claude Wiseler a Laurent Mosar un den Ausseminister iwwert d'Offensiv vun der Türkei géint d'Kurden a Syrien. D'Auteurs hu fënnf Minutten, fir hir Fro virzedroen, an d'Regierung zéng Minutten, fir drop ze äntworten. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci awer ganz besonnesch dem Ausseminister fir seng Disponibilitéit, fir direkt op déi urgent Fro vum Kolleeg Claude Wiseler a vu mir ze äntworten.

Ech mengen, ech brauch hei kee laangen Historique ze maachen. Mir wëssen alles, wat gëschter geschitt ass. D'Türkei huet also eng grouss Militäroffensiv géint d'kurdesch Bevëlkerung gestart. A wann een déi éischt Bilane liest, notament déi vum Observatoire syrien des droits de l'homme, da schéngen elo scho säit där Offensiv zumindest 15 Doudeger ze deploriéieren ze sinn, dorënner aacht Zivillpersounen, an och elo schonn Dausende vu Leit, déi fortlafen, déi also musse kucken, wou se ënnerkommen.

Ech mengen, mir wëssen alleguerten, datt dat hei an enger Regioun ass, déi extrem explosiv ass. Et kommen awer elo zwee Punkten derbäi, déi d'Saach vläicht nach méi grav maachen.

Dat Éischt ass, datt op deem Territoire, wou och elo déi Offensiv stattfënn, eng Rei vun deene Prisonge sinn, wou déi IS-Zaldoten an déi IS-Militanten agespaart sinn. An do ass natierlech e gewëssene Risiko, datt am Kontext vun esou enger Militäroffensiv eventuell an deene Prisongen déi Leit kéinten erauskommen. A mir wëssen alleguerten, datt dat net onbedéngt zu der Sécherheet an Europa an och an der Welt géif bäidroen.

Déi zweet grouss Gefor - an dat ass, mengen ech, eng, déi och elo schonn d'Spezialisten alleguerten uginn -, dat ass déi, datt awer hei de Risk vun engem richtege Genozid besteet géint déi kurdesch Bevëlkerung. An duerfir, mengen ech, ass et wichteg, datt elo direkt déi richtigeg Decisiounen geholl ginn, well dat doten ass net ze akzeptéieren.

Et ass net ze akzeptéieren, éischtens, vun engem Memberland vun der NATO, wat sech hei un engem Alliiéierte vun engem aneren NATO-Member vergräift. Ech mengen, mir wëssen alleguerten, datt d'Kurden déi beschten Alliiéierte vun den USA an deem Konflikt do waren.

An duerfir muss ech och soen, erlaabt mer vläicht déi Remark: Wann den Här Trump seet, hie kéint näischt méi maachen, well déi Kurden, déi wäeren och net bei der Normandie-Offensiv derbäi gewiescht, do muss ech wierklech froen, ob den Här Trump net wierklech heiandsdo Problemer huet, wann e moies opsteet, well dat do ass jo nun awer esou mat den Hoer erbäigezunn, datt een dat mam beschte Wëllen net méi ka justifiéieren.

Déi aner Fro, déi sech natierlech stellt - d'Türkei ass nach wie vor nach ëmmer Pays candidat à l'Union européenne. Och do stellt sech d'Fro, ob net awer och um Niveau vun der EU vill méi schaarf misst par rapport zum Här Erdoğan reagéiert ginn.

Mir géifen also dem Minister wëllen dräi Froen stellen. Fir d'Éischt déi traditionell Fro, wat dem Minister seng Aschätzung ass, wéi eventuell och déi lëtzebuergesch Regierung gewëllt ass, do ze reagéieren. Ech mengen, dat ass eng wichteg Fro.